LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Plan de développement de l'établissement scolaire

## Cycle: 2021-2024

## Formulaire pour la phase d'approbation

Plan de développement
de l'établissement scolaire
Enseignement fondamental

**Nom de l'école**

Biisser Schoul

# Formulaire pour la phase d'approbation du PDS

# Etat des lieux

## Dates clés

### Approbation en plénière
25/06/2021

### Avis des représentants des parents d'élèves
17/05/2021

## Constats sur la situation actuelle par domaine

### Amélioration de la qualité de l'enseignement (*)

| | |
|---|---|
| Cycle 1 | - Eis Kanner hunn all en Accès op den Office. Si kréien am Précoce ëmmer schon hir Coden fir den IAM a fir de Site www.biisserschoul.lu<br><br>- Mir hunn doduerch eis Computeren méi à jour gesat.<br><br>- Mir ware prett fir den Homeschooling. |
| Cycle 2 | -D'Smarttafelen kommen am C2 all Dag an den Asaz a mir wëllen och net méi op dëse Medium verzichte mussen, well e ganz vill Virdeeler mat sech bréngt:<br>Mir hunn all eis Schoulbicher op der Smarttafel a kënnen d'Aufgaben visuell an auditiv direkt erschaffen a léisen. D'Smarttafel ass ee grousse visuelle Support, wou mir d'Äerbechtsuweisungen verbildlechen a weise kënnen.<br>Op der Smarttafel kënne mir och ouni groussen Opwand e Bild zu engem onbekannte Wuert sichen, fir de Kanner d'Wuert ze verbildlechen.<br>- Den Internetsite Biisserschoul.lu gëtt och vill vu de Kanner an den Elteren benotzt, fir z.B. d'Vokabelen ze léieren. D'Kanner an och hir Elteren si ganz motivéiert, fir iwwer dëse Site de Vokabulär reegelméisseg ze üben.<br>- Mir gräifen op der Smarttafel oft op YouTube zréck, fir de Kanner am Eveil aux Sciences kleng Sachfilmer zum Thema ze weisen.<br>- Um Ipad übe mir reegelméisseg Blitzrechnen; d'Kanner si begeeschtert an si sinn am Blitzrechnen richteg stäerk.<br>- Antolin: d'Kanner gi selwer eens, fir sech anzeloggen a selbstänneg d'Froen zum Buch ze beäntwerten<br>- Anton |
| | |

| | |
|---|---|
| Cycle 3 | Mir benotzen d´Smarttafelen all Dag. Si sinn immens praktesch fir Saachen ze weisen, mee och fir zesummen eppes an engem Buch ze maachen, ze schreiwen, ze zeechnen,…<br><br>Duerch d´iPads hu mir lo nach eng zousätzlech Méiglechkeet derbäi kritt, fir den TIC an den Schoulalldag mat anzebannen. Mir mierken einfach allgemeng, dass mir de Kanner schnell an anschaulech verschidde Contenuen kënne weisen an erklären.<br><br>Mir gesinn awer och, dass hier Motivatioun duech den Asaz vun den TIC opjiddefall eropgeet an et fir si eng flott Ofwiesslung am Schoulalldag ass. Di meescht Kanner kënnen och intuitiv gutt mam iPad ëmgoen an et ass fir si méi einfach wéi mat den Laptop´en. Och d´Léier-Apps brénge si weider. |
| Cycle 4 | Mir sinn all begeeschtert vun der Smarttafel: fir Saache besser ze verstoe, kann een op Google Biller kucke goen. D'Kamerafunktioun ass ganz praktesch an der Mathe fir z.B. Wénkel ze zeechnen / ze moossen. Et kann ee Sway Presentatioune vun de Kanner weisen; Forms zesummen an der Klass maachen.<br><br>De MathemaTIC hëlleft ville Kanner op eng alternativ Manéier d'Matière besser ze verstoen. Mam Ipad huelen se sech och oft op oder kucken am Dictionnaire Wierder no oder et gi verschidden Aufgaben am Anton widderholl.... Eigentlech wéilte mir d'Ipad gäre méi oft huelen well mer se vill benotzen. |

## Collaboration avec les parents d'élève (*)

| | |
|---|---|
| Cycle 1 | Mir hunn d'Méiglechkeet mat den Elteren per E-Mail , Teams oder Telefon ze kommunizéieren. Verschidden Elteren begéint een och virun an no der Schoul, wou ee ka schwätzen. De Moment gi vill Gespréicher iwwer Teams gehal. |
| Cycle 2 | Soubal mir bei engem Schüler Schwieregkeeten oder Probleemer feststellen, huele mir direkt mat den Elteren Kontakt op an och vis-versa.<br>- Mir kontaktéieren d'Elteren iwwer Telefon oder E-Mail<br>- Mir gesinn verschidden Elteren all Dag um 7.50 oder um 12.00 beim Schoulhaff a schwätzen si un.<br>De Kontakt mat den Elteren ass villsäiteg: am September 2018 hunn d'Elteren gehollef, de klenge Schoulhaff ze gestalten (Haisercher goufen opgeriicht, …), Kuck a Klick gëtt vun den Elteren organiséiert, sou wéi och eng alljährlech Bicherausstellung, … |
| Cycle 3 | Nei Collaboratiounen :<br><br>- D'Elterevertrieder sinn un de Comité erugetrueden fir eis Homepage ze iwwerschaffen. Do leeft elo eng gemeinsam Collaboratioun un, déi och duerch en Aarbechtsgrupp vu Léierpersonal ënnerstëtzt gëtt.<br><br>- D´Elteren hunn och beim Comité eng Hausaufgabenhëllef ugeschwat, do ginn et awer nach keng konkret Pläng.<br><br>Et goufen awer scho vill Iddien diskutéiert. D'Ëmsetzung ass awer net sou einfach, well do vill Critèren eng Roll spillen. D´Iddi ass awer bei jidderengem prinzipiell gutt ukomm. |

| | |
|---|---|
| | Fir d´Cyclen 3 an 4 ass d´läscht Joer de Kannergemengerot an d´Liewe geruff ginn. Och do gëtt et en Aarbechtsgrupp zesummen mat den Elterevertrieder an der MR. Duerch déi aktuell Situatioun ass de Kannergemengerot awer op Äis geluecht. |
| Cycle 4 | Mir haten déi läscht Zäit nëmmen eng Collaboratioun mat den Eltere wann ee Kand méi Problemer hat . Mee am Allgemenge schaffe mir gutt mat den Elteren zesummen (Coupe scolaire, Schoulfest, Schoulsportdag) |

## Collaboration école-maison relais (*)

| | |
|---|---|
| Cycle 1 | D'Kollaboratioun mat der Maison relais ass gutt. Mir hunn do beim Wiessel ëmmer d'Méiglechkeet fir d'Educateuren ze informéieren, wann eppes ass. Wa Schwieregkeete mat engem Kand sinn, huele mir si och ëmmer mat an d'Boot. Mir hunn och e gemeinsame Whatsappgrupp am Précoce. |
| Cycle 2 | Et besteet eng gutt Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Maison Relais: Mir gesinn d'Personal aus der Maison Relais all Dag, wann si d'Kanner an d'Schoul bréngen an d'Kanner siche kommen. Mir profitéieren hei all Dag vun der Geleegenheet fir eis iwwert d'Kanner auszetauschen. Wa mat engem Schüler gréisser Probleemer waren, da gouf an der Maison Relais eng gemeinsam Versammlung/Entrevue organiséiert, wou d'Enseignanten, d'Personal aus der Maison Relais, d'Elteren an d'Assistante Sociale uwiesend waren.<br><br>Um Schoulfest péckt d'Maison Relais och ëmmer eng Hand mat un. Och bei den Hausaufgaben schaffe mir enk zesummen: Si molen bei all Hausaufgab e fäerwege Punkt, fir den Elteren an eis matzedeelen, wéi d'Aufgab verlaf ass (gréngen, orangen a roude Punkt). Sou hunn d'Elteren a mir e Feedback. D'Maison Relais deelt och all Dag den Elteren mat, wéi wäit d'Hausaufgab gemaach ass, wéi et geklappt huet, ... |
| Cycle 3 | Allgemeng hu mir e gudde Kontakt mat der MR. Mir tauschen eis vill iwwert d´Kanner aus, wa Problemer do sinn déi mir an der Schoul erliewen oder déi d´Educateuren an der MR feststellen. Sou gesi mir och, ob de Problem sech op ee Kader beschränkt oder ob et an béide Kaderen d´selwecht ass.<br><br>De Kannergemengerot gett och vun Educateuren aus der MR matorganiséiert an encadréiert. Doduerch ass natierlech och eng Zesummenaarbecht mat der Schoul do.<br><br>D´Monika Dries huet d´ « Léieren léieren » an d´Liewe geruff. Och hei ass eng gutt Zesummenaarbecht tëscht Schoul an MR.<br><br>Mir kënnen d´Raimlechkeeten vun der MR, déi bei eis am Keller sinn, och matbenotzen. (z.b. den Atelier) |
| Cycle 4 | Mat der Maison Relais schwätze mir vill zesummen. Wa mol ee Problem ass, da gëtt direkt an der Mëttesstonn matenee geschwat. Bei méi schwierege Fäll hu mir mol Versammlunge mat den Elteren an der Maison Relais gehat. |

## Encadrement des EBS (*)

| | |
|---|---|
| Cycle 1 | Am C1 schafft d'Irène Ralinger, vun der ESEB, mat de Kanner, déi e PPCI hunn. Desweideren kënnt d'Celia Reckinger als Psychomotricienne mat verschiddene Kanner schaffen. D'Romy Baustert, d'IEBS, schafft mat e puer Kanner am mathematesche Beräich. Soss kréien dës Kanner och nach Appui. |
| Cycle 2 | Am C2 schafft d'Monika Dries mat deene Kanner, déi ee PPCI hunn. Och d'Doris Ley schafft wärend 2 Stonnen pro Woch mat engem Schüler aus dem C2.1 a wärend 1 Stonn pro Woch mat enger Schülerin aus dem C2.2. Des Weideren schafft d'Romy Baustert mat Kanner, déi Léierschwieregkeeten am Rechnen an/oder am Däitschen hunn.<br>Mat eisem Appui probéire mir och Kanner, mat spezifesche Besoinen eng Hëllefstellung ze ginn. |
| Cycle 3 | Am Cycle 3 ginn d´Kanner och vun der Mme Monika Dries (Ed.grad.) an der Mme Romy Baustert (IEBS) betreit. D´Mme Dries schafft zousätzlech och an der MR nach mat Kanner, si mécht mat hinnen « léiere léieren ». Si weist, wéi si richteg, efficace an alleng léiere kënnen. Dëst sinn awer zum Deel aner Kanner wéi déi, déi si an der Schoul betreit. |
| Cycle 4 | Am 4.1. hunn se eng Schülerin déi eng Persoun am Schwamme brauch, wann d'Kand sollt eng Krise maachen. Ausserdeem hu mir d'Aiden vum Monika a vum Romy fir déi Kanner déi ee PPCI hunn. Am 4.2. huet eng Schülerin een IPAD an ee Reader Pen vum CDA kritt. D'Enseignanten hunn och extra eng Formatioun gemaach fir mat den APPen (Prismo; ...) eens ze ginn. |

## Intégration des TIC (*)

| | |
|---|---|
| Cycle 1 | Mir kommunizéiere mat den Elteren iwwert E-Mail. Am Homeschooling kommunizéiere mir iwwert den Teams mat den Elteren.<br><br>Eise Wortschatz an och eis Geschichten setze mir op de Site vun der Biisserschoul. |
| Cycle 2 | Mat eise Schüler kommunizéire mir iwwer Teams. Mat den Elteren vun de Schüler leeft de Kontakt iwwer E-Mail (C2) an och iwwer Teams (C2.1)<br><br>Och eisen Internetsite vun der Biisserschoul bitt Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien un:<br>Mir setzen den Internetsite biisserschoul.lu an, fir mëndlech Sazstrukturen ze üben, fir Hörübungen ze maachen, fir de Wortschatz ze léieren an ze üben, fir Lidder, Geschichten a Gedichter ze lauschteren a fir de Kanner Bicher virzeliesen. Dëse Medium steet oft um Wocheplang a gëtt och vun doheem aus vill genotzt.<br>Den C2.1 gëtt de Schüler och QR-Coden mat heem, fir doheem Aufgaben ze maachen. Ausserdeem benotze mir des Technologien fir Blitzrechnen, Anton, Antolin a Learning-apps ze maachen (Ipad). |
| Cycle 3 | Nieft de Smarttafelen, Computeren an Laptops, déi mir schonn an der Schoul hunn, sinn dëst Schouljoer och nach **iPads** derbäi |

| | |
|---|---|
| | komm.<br><br>Mir taaschten eis do un d´Schaffen run, se ginn och scho vill benotzt an eisem Cycle. Mir sinn och motivéiert nach weider Formatiounen ze maachen mam **ICN, Educ Design** fir d´iPads nach méi kënnen anzesetzen. Och fir FoCo´en mat **LXCDM** fir de Gebrauch vun de Smarttafelen si mir weiderhin motivéiert.<br><br>Mir kommunizéieren mat de Kanner iwwer Teams während dem Homeschooling. |
| Cycle 4 | De ganzen C4 kommunizéiert iwwert Teams mat de Kanner. Dat klappt ganz gutt. An iwwer Mail mat den Elteren. |

## Organisation de l'appui pédagogique (*)

| | |
|---|---|
| Cycle 1 | Am C1 hu mir en Deel Appui als enseignement direct integréiert. An déi aner Stonnen hëlt de Surnuméraire Kanner mat verschiddene Besoinen raus a schafft u spezifeschen Themen. |
| Cycle 2 | Am C2 hale mir pro Woch 1,5 – 2 Stonnen Appui wärend eise Fräistonnen. Mir huelen d'Kanner eenzel oder am Grupp eraus a schaffe mat hinnen an eisem 3. Sall. Net nëmme Kanner mat Schwieregkeeten kréien Appui, mee och stäerk Schüler kréien Appui, wou si geziilt gefuerdert ginn. |
| Cycle 3 | Mir halen alleguerten 1 Stonn vun eisem Appui als « Enseignement direct », fir dass mir an den Haaptfächer ëmmer an 3 Gruppen kënne schaffen. Déi aner Stonn haale mir als « Appui intégré » während de Schoulstonnen, wou mir entweder e Kand eenzel oder och mol e klenge Grupp Kanner zesummen huelen fir eppes nach eemol ze erklären, opzeschaffen oder fir se geziilt bei neien Aufgaben ze ënnerstëtzen. |
| Cycle 4 | Am C4.1 dierf nëmmen d'Samantha de Cours d'Appui halen. Mir halen en all (am C4) wärend eise fräie Stonnen. Mir huelen entweder puer Kanner raus aus der Klass oder setzen eis am Cours niewend si fir d'Aufgaben nach emol z'erklären. All Enseignant hält momentan 2 Stonne pro Woch Appui. |

# Priorités retenues pour le PDS

Mediekonzept

TIC am Schoulalldag an alle Cyclen weiderhin abannen

# Planification PDS

## Objectif(s) PDS et grandes lignes de réalisation

Mir entwéckelen e Medienkonzept, fir e sënnvollen, verantwortungsvollen a kreativen Ëmgang mat de neie Medien ze schafen an domatter d'Sproochförderung auszebauen:

-> Bestandsopnam: wou sti mir, wat hu mir u Material a wat kéint een ausbauen?

-> Sproochentwécklung mat App'en förderen (Formatiounen mam ICN)

-> MathemaTIC: peer to peer

-> D'Elteren sensibiliséieren: op d'Geforen vum Internet hiweisen. Dëst an Zesummenaarbecht mat den Elterevertrieder.

-> Den Elteren weisen an erklären, wat d'Biisser Schoul ubidd, fir de Sprechwortschatz trotz Sproochbarrière ze üben.

-> Méi Sëcherheet am Internet: wéi kann een d'Kanner fir e méi bewossten Ëmgang am Netz sensibiliséieren? (Teams Chat, TikTok Geforen,...)

-> Coding elo vum Cycle 1 bis 4: wéi kann de Coding an enger éischter Phase an alle Cyclen agesat ginn (zousätzlech Formatiounen mam ICN)

# Thèmes & Activités hors PDS

## Thèmes et activités à consolider/maintenir au niveau du développement de l’école

Verkéierserzéiung "Kuck a Klick" C2

Liesnuecht am Team "Maulef"

Journée du livre

Virliesconcours

All 3 Joër eng Porte-ouverte an deenen zwee Gebaier

BeeSecure C3 an C4

Bicherfloumaart

Ofschlossfest mat Optrëtt vum C4.2

All Joer Eischt Hëllefcours fir d'Schoulmeeschter (4 Stonnen) mam Jeff Herr

Vill gemeinsam Formatiounen (Olefa, Smarttafelen)